

21^e actualisation du Programme de Stabilité et de Croissance pour la
période 2020-2021

Présentation à la Chambre des Députés, 5 mai 2020

Seul le discours prononcé fait foi

Intro	3
I. Den makroekonomeschen Kontext	7
II. Den Stabiliséierungspak fir d’Krise ze bewältegen	11
A. D’Prioritéiten am Iwwerbléck	11
1. D’Gesondheet vun de Leit	12
2. D’Gesondheet vun eiser Wirtschaft	13
B. Konkret Beispiller	18
C. Verglach mat den anere Länner	23
III. D’Zuelen vum PSC 2020	25
1. Administration centrale	27
2. Sécurité Sociale	28
3. Administration locale	28
4. Administration publique	29
5. Dette publique	29

Intro

De Coronavirus ass mat enger Naturkatastrof ze vergläichen. Et ass e Phenomen deem keen konnt virausgesinn, an deem iwwert de Mënsch seng Kontroll erausgeet.

D'Regierung huet séier reagéiert an huet fir d'éischte Kéier zënter dem zweeten Weltkrich den Etat de crise ausgeruff, mam Accord vum Parlament. D'Leit goufen opgeruff doheem ze bleiwen, vill Betriber hu missen zou maachen. Et wor also vun viraus evident dass d'Prioritéit op dat Wichtigst soll gesat ginn wat den Mënsch huet : d'Gesondheet.

Dat war eng richteg Decisioun, a si koum séier. Anescht wéi an anere Länner, sinn d'Spideeler hei zu Lëtzebuerg net iwwerlaascht. Déi infizéiert Leit kréien eng Qualitéitsbetreiung an ginn gutt behandelt.

Fir d'EU an fir Lëtzebuerg wor et dofir wichtig, séier ze reagéieren. Konsequenz Mesuren goufen an Rekordzäit geholl, wat och en groussen Käschtepunkt mat sech bruecht huet, a weider brénge wäert.

Och d'Europäesch Kommissioun dréit dëser spezieller Situatioun Rechnung, an huet dofir décidéiert verschidde Regeln vum Pacte de stabilité et de croissance en Suspens ze setzen.

Wéi dir wësst, schreift sech den Stabilitéitsprogramm (den PSC) – zesummen mam Programme national de réforme (den PNR) – an d'Prozedur vum Europäescht Semester an. Dëse Programm soll den europäeschen Instanzen weisen, dass d'Länner sech och an deem spezielle Joer an engem europäesche Kader bewege, wat normal ass, wann een ee gemeinsam Währungsunioun huet.

Dëst Joer huet d'Kommissioun am Kontext vun der Krise awer décidéiert verschidde Reegelen vum Pacte de stabilité auszesetzen an d'Form vun de Stabilitéitsprogrammer unzepassen.

Dofir gouf déi sou genannten “General Escape Clause” aktivéiert. Dës ass eng Clause déi am Kader vun der “Six-Pack” Reform 2011 agefouert gouf an déi eng “ordonnéiert an temporaire” Deviatoun vun den normalen Budgetsreegelen erlaabt, wann sech Europa an enger generaliséierter Krise an verschäerfter Rezessioun befënnt. D'Aktivatioun vun dëser Klausel gouf vun der Kommissioun elo fir d'éischte Kéier an der Geschicht proposéiert, an se gouf dobäi, à l'unanimité, vun alle Memberstaaten ënnerstëtzt.

Ganz konkret heescht dat also fir all d'Länner, an och fir Lëtzebuerg, dass mir eis – op mannst fir dëst Joer – net müssen un den Objectif budgétaire à Moyen Terme (den OMT) halen. Och déi zwee Maastricht-Kritèren vum “Defizit ënnert 3% vum PIB” an “Schold ënnert 60% vum PIB” ginn dëst Joer a Klammeren gesat.

Dës Initiativ vun der Commissioun erméiglecht et also den Memberstaten eng maximal budgetär Flexibilitéit ze hunn, fir déi néideg Mesuren ze ënnerhuelen fir hir Wirtschaft unzekuerbelen. Ech ginn och dovunner aus dass d’“General Escape Clause” wäert esou laang en Vigueur sinn, bis déi sozial-wirtschaftlech Effekter vun der Pandemie beschtméiglech agedämmt sinn.

Lëtzebuerg wäert dës Flexibilitéit ausnotzen. D'Regierung huet läschte Mëttwoch décidert, d'Clause pour circonstances exceptionnelles, déi am Gesetz vum 12ten Juli 2014 iwwer d'Coördinatioun an d'Gouvernance vun den ëffentleche Finanzen virgesinn ass, spillen ze loossen. Ech hunn dem President vum CNFP, dem Comité National des Finances Publiques, dat och schrëftlech matgedeelt.

D'Regierung huet an den leschten Wochen Mesurë geholl, déi en substantielle finanziellen Impakt hunn an op deenen ech nach wäert zeréckkommen. Gläichzäiteg goufen d'Prévisiounen vum Wirtschaftswuesstum no ënnen revidéiert, wat sech dann och an den Zuelen reflektéiert. Grad als kleng an oppen Economie, hu mir dofir all Intérêt d'Ziggel elo net komplett aus der Hand ze ginn.

Meng Presentatioun haut huet 3 Deeler:

- De makroekonomeschen Kontext, an deem den PSC sech aschreift;
- De Résumé vum Stabilitéitsprogramm ;
- D'Zuelen vum PSC 2020, wéi mer se op Bréissel gemellt hunn.

I. Den makroekonomeschen Kontext

Ech brauch iech keen Bild ze molen iwwert d'wirtschaftlech Situatioun esou wéi se sech haut presentéiert. Dat gesäit een op ee Bléck wann een duerch d'Fenster kuckt, respektiv duerch eis Stied an Dierfer trëppelt.

Vun engem Wuesstem kann een also nët méi schwätzen an dat weisen och déi rezent Prognosen vum FMI an vum STATEC.

Fir 2020, geet den FMI fir d'Eurozone vun engem Wuesstum vun -7,5% aus. Fir Lëtzebuerg rechent den FMI mat -4,9%, wat liicht besser wär wéi Frankräich (-7,2%), Däitschland (-7%) an d'Belge (-6,9%).

De STATEC, deen eng nei an innovativ "bottom-up" Method benotzt huet, rechent domatter, dass de PIB zu Lëtzebuerg fir 2020 bei -6% leie kéint.

Wann de Confinement méi laang misst undauern, wéi aktuell virgesinn a vum STATEC a sengem Basisszenario ugeholl, géif d'wirtschaftlech Entwécklung deementspriechend méi schlecht ausfalen.

E pessimisteschen Szenario, deen de STATEC ons zu Verfügung gestallt huet, géif e Réckgang vun iwwer 12% vun eisem PIB mat sech bréngen.

Et gött hei awer nët drëm fir den Däiwel un d'Mauer ze molen. D'Incertituden sinn grouss, mä ech kann iech awer versécheren, dass d'Lëtzebuerger Regierung alles Méigleches ënnerhëlt fir et net zu dësem Katastrophenszenario kommen ze loossen, an alles dru setzt, fir eng zweet Well vum Virus kënnen ze meeschten.

Dofir sinn d'Zuelen, déi ech iech elo nennen och net op deem ganz negativen, mä op engem liicht méi optimisteschen Szenario opgebaut, mat, wéi gesot, enger Baisse vun -6% vum PIB.

Den Impakt vun der aktueller Krise wär awer och an dësem Szenario vum STATEC méi grouss wéi deem vun der Finanzkris vun 2008/2009, wou de Wuesstum bei -4,4% louch.

Entspriechend wäert och den Emploi par Rapport zu 2019 stagnéieren, mat nach just 0,7% neien Aarbechtsplazen. Den Chômage géif op 6,7% klammen, wat eng Erhéijung vun 1,3 Prozentpunkten par rapport zu 2019 bedeit.

Dës Zuelen weisen also eng substantiell Verschlechterung vun den Prévisiounen déi mir beim Vote vum Budget 2020 hei an der Chamber presentéiert hunn. D'Welt dirigéiert sech an eng Rezessioun, vun där sech och Lëtzebuerg net entzéie kann.

Als Finanzminister suivéieren ech d'Krise och um Niveau vum Finanzsecteur, an stellen dobäi en groussen Ënnerscheed par rapport zur leschter Krise vun 2009 fest, déi jo vum Finanzsecteur ausgaangen ass, an sech dann op de Rescht vun der Wirtschaft ausgebreet huet.

D'Kris déi mir haut hunn, geet vun der Realwirtschaft aus. D'Finanzindustrie ass also nëmmen indirekt betraff, an ass dës Kéier souguer en Deel vun der Solutioun ginn. Dat gesäit een zum Beispill un de Moratoiren, déi Banken de Firmen accordéiere, an de Kreditter, déi se hinne ginn, fir iwwer d'Ronnen ze kommen.

Grad well zu Lëtzebuerg d'Finanzplaz ee relativ staarkt Gewiicht huet, kéint Lëtzebuerg par rapport zu anere Länner hoffentlech liicht besser do stoen.

Dofir kann een och hoffen, dass d'lëtzebuerger Wirtschaft rëm relativ séier op d'Been kënnt. Trotz allen Incertituden, ginn d'Zuelen vum STATEC vun engem Wuesstum vun +7% aus fir 2021, wat de Réckgang vun dësem Joer also kompenséiere géing. Soumat wier d'économesch Aktivitéit Enn 2021 nees zréck op dem Punkt wou se Enn 2019 war.

Ech verstinn, wann eng Croissance vu +7%, di fir 2021 projezéiert gëtt, an d'Aa ka stiechen. Ech hu Kritike gehéiert, dass dat zevill optimisteschesch wier. Erlaabt mer awer dozou 3 Remarquen ze maachen:

Éischtens, déi 7% ass keng Zuel, déi d'Regierung sech schéin zesummegerechent hätt. Déi Zuel, wéi all déi aner Previsiounen, kënnt vum STATEC, deen an aller Onofhängegkeet – esou wéi d'europäesch Texter dat verlaangen – seng Zuelen ausschafft.

Zweetens, seet de STATEC ons, dass des Zuelen – anescht ewéi déi vu verschiddene internationale Organisatiounen – di positiv Effekter vum Stabiliséierungsplang vun der Regierung schonns mat en Considératioun hellt.

Drëttens, muss een den Taux vu 7% och an de richtege Kontext setzen. Isoléiert gekuckt, géif een natierlech mengen dass de STATEC hei vun enger extrem héicher Croissance géif ausgoen. Schliisslech louche mer di läscht Joeren meeschtens ronderëm 3%.

Mee wann e PIB dat eent Joer em 6% fällt, heescht e Wuesstem vu 7% näischt aneshtes wéi dass de STATEC mengt datt d'Chute vum PIB daat Joer drop nees kéint opgefaange ginn – net méi, net manner. D'Statistiker schwätzen hei vun engem sougenannten "Basis-Effekt".

Oder, einfach gesot : de Minus vun 2020 gëtt 2021 knapps kompenséiert. Ennert dem Stréch sinn dat 2 Joer ouni Wuesstum ! Dat ass also guer keen optimisteschen Szenario, mä bedeit eng Stagnatioun vun eisem nationale Räichtum, an nawell en zolitten Abroch am Verglach mat där Trajectoire, di nach am Budget de läschten Hierscht virgesinn wor.

Et muss een dofir de projezéierte Wuesstem fir 2021 an dee richtege Kontext setzen, daat heescht iwwert di 2 Joer kucken, an een deen dat nët mécht ass intellektuell net ganz éierlech.

II. Den Stabiliséierungspak fir d'Krise ze bewältegen

Par rapport zum Budget 2020, sou wéi e gestëmmt gouf, gëtt et - nieft de Wirtschaftsprognosen - eng grouss Ännerung, an dat ass den Stabiliséierungspak, deem d'Regierung de 25ten Mäerz op de Wee bruecht huet, fir de Leit an de Betriber duerch des schwéier Zäit ze hëllefen.

Wéi mer dëse Programm am Mäerz virgestallt hunn, hunn ech vun enger Envergure vun 8,8 Milliarden Euro geschwat. Entretemps sinn awer eng ganz Rëtsch Mesuren dobai komm, sou dass een haut vun enger **Envergure vun 10,4 Milliarden Euro** kann ausgoen.

D'Regierung huet de Choix gemaach, am Kader vun dësem PSC, all des Zuelen transparent ze presentéieren.

A. D'Prioritéiten am lwwerbléck

D'Prioritéiten loossen sech an zwou Axen opdeelen : 1) d'Gesondheet vun de Leit, an 2) d'Gesondheet vun der Wirtschaft.

1. D'Gesondheet vun de Leit

De Budget vum HCPN gouf op 194 Milliounen Euro erhéicht, fir dat néidegt medezinescht Material ze kafen, an allgemeng eise Gesondheetssystem ëmzestellen fir mat där Kris eenz ze ginn. 14,5 Milliounen Euro sinn zum Beispill investéiert ginn, fir d'Schlass vu Kolpech an ee medezineschen Zenter ze transforméieren. Fir de Frontaliere, déi an eise Gesondheetssystem schaffen ze erlaben, während der Kris hei am Land ze wunnen, goufen 2 Milliounen Euro investéiert.

Lëtzebuerg ass dat Land an der EU, wou déi meescht Tester gemach gi sin. An de nächsten Wochen ginn nach vill méi Tester gemach, mam Zil ee esou gutt wéi méiglech e Bild vum Virus ze kréien an vun der Zuel vun Leit, déi elo infizeiert sin an.

Gläichzäiteg kruten och méi wéi 26.000 Salariéen, déi bei ronn 5700 Employeuren schaffen, de Bénéfice vum Congé pour raisons familiales. Eleng dës Measure huet de Staat bis ewell iwwer 124 Milliounen Euro kascht.

2. D'Gesondheet vun eiser Wirtschaft

Ouni eng gesond Wirtschaft huet d'Land keng Recetten, an d'Leit keng Aarbecht. Dofir ass et wichteg, de Betriber duerch des schwéier Zäit ze hëllefen, an der Wirtschaft een Neistart ze erlaben.

Déi éischt Prioritéit vun der Regierung war et, den Entreprises an och den Indépendanten ze hëllefen, d'Liquiditéiten am Betrieb ze halen, fir hir Käschten decken ze kënnen.

Wichteg ass hei ze gesinn dass net nëmmen de Staat, mee och de Privatsecteur an d'Finanzplaz Deel vun der Léisung sinn.

a) Cooperatioun mam Privatsecteur

Bis haut hunn d'Banken, als Deel vum Accord, deem de Staat mat hinnen ausgehandelt huet, op eegene Risiko elo ronn 10.000 Moratoires vun 6 Méint accordéiert. Dës entsprécht engem Montant vu ronn 3,2 Milliarden Euro, mat engem Taux d'acceptation vun 98%.

Zousätzlech zu deenen Initiativen gouf jo och den 18ten Abrëll hei an der Chamber d'Gesetz gestëmmt, deem de Kader gesat huet fir en staatlechen "regime de garantie" fir nei Prêten, déi Firmaen am Kontext vun der Krise ufroen. Mat deem Gesetz, kënnen d'Banken en Schrëtt méi wäit goen, an bis zu ronn 3 Milliarden zousätzlech Prêten accordéieren, vun deenen de Staat 85% vum Risiko dréit.

D'lescht Woch, den 21ten Abrëll, hunn ech zesummen mat den Représentanten vun der ABBL, Spuerkeess, BIL, BGL BNP Paribas, Banque de Luxembourg, Raiffeisen, ING an Bank of China, och eng Konventioun ënnerschriwwen déi dat Ganzt an Musek setzt. Mat der Banque BCP huet sech dës Woch och eng weider Bank ugemellt fir an deem Programm matzemaachen.

Déi sou garantéiert Prêten complétéieren d'Mesuren déi vun den Mutualitéiten, der SNCI, dem Office du Ducroire an der Europäescher Investitiounsbank schonn säit dem Ufank vun der Krise ëmgesat goufen.

Et gesäit een also dass de Staat Hand an Hand mat der Privatwirtschaft an den europäeschen Institutiounen schafft, fir beschtméiglech aus der Krise erauszekommen.

b) Staatlech Hëllef

Mee zousätzlech zu deenen Mesuren déi den Staat zesummen mam Privatsecteur ausgeschafft huet, kommen eng ganz Serie vu reng staatleche Mesuren, déi a Rekordzäit en place gesat konnte ginn. Dës Initiativen ëmfaassen souwuel direkt wéi indirekt Hëllef, esou wéi och steierlech Mesuren.

Am Chômage partiel, deen et jo scho méi laang gëtt, iwwerhëlt de Staat 80% vun den Salaren. An der Kris gouf decidéiert, dass fir déi Employéeeën, déi de Mindestloun kréien, de Staat souguer 100% iwwerhëllt.

Während der Krise gëtt dee Chômage och am Virus bezuelt, an net wéi an normalen Zäiten, a posteriori. Dat ass eng wichteg Measure, well se de Betreiber hëlleft, liquid ze bleiwen. De Chômage partiel ass accessibel fir all Secteuren, déi vun der Krise betraff sinn. Dat ass dofir eng ganz deier Measure, déi mat bal enger Milliard Euro (989 Milliounen) zu Buch schléit.

Micro-Entreprises déi manner wéi 10 Employéen agestallt hunn, hunn Usproch op eng direkt an "net remboursabel" an steierfräi Hëllef vun 5000 Euro. Dës Aide gouf elo rezent och op Entreprises erweidert, déi eng Perte vun -50% vun hirem Chiffre d'Affaires an der Periode vum 15 Abrëll bis 15 Mee 2020 erlidden hunn.

Eng nei Aide ass och nach agefouert ginn, fir Entreprises déi tëschent 10 an 20 Leit Mataarbechter hunn. Dës Entreprises kréien en forfaitairen Montant vun 12.500 Euro.

Indépendante kënnen hirersäits eng Direkthëllef vun 2.500 Euro ufroen, déi steierfräi ass an nët muss rembourséiert ginn.

Start-ups an jonk innovativ Entreprises kënnen ënnert d'Aerm gegräff kréien duerch den Outil vun der Aide aux jeunes entreprises innovantes, wou de Co-Finanzement vum Staat vun 50% op 70% eropgesat ginn ass. Domatter kënnen dës Entreprises an Start-ups am beschten Fall, trotz Kris, weider un hiren Projeten an Solutiounen schaffen.

Zousätzlech besteet fir all Entreprise an Indépendant d'Méiglechkeet eng "Avance remboursabel" bis zu 500.000 EUR unzefroen.

c) Fiskalesch Mesuren

An der Fiskalitéit, huet den Enregistrement schon am März en anticipéierten Remboursement vun all den TVA Avancen gemaach, déi ënnert 10.000 Euro sinn. Dës Hëllef huet 20.000 Entreprises direkt an onkomplizéiert zousätzlech Liquiditéiten vun am Ganzen 46 Milliounen Euro bruecht. Wat d'Remboursementer an hierem Ensembel ugeet, sou goufen der am März fir 214 Milliounen Euro gemaach, géingt 85 Milliounen Euro fir 2019, an am Abrëll 245 Milliounen Euro, géingt 109 déi selwecht Zäit d'läscht Joer.

Iwwer 1800 Entreprises kruten bis elo vun der AED een Délai de paiement accordéiert, iwwert am Ganze ronn 92 Milliounen Euro. 80% vun den Demanden goufen an ënner 5 Deeg traitéiert.

Entreprises hunn och konnten, wat hir direkt Steieren ugeet, bei der ACD, eng Annulatioun vun hiren Avancen ufroen fir déi 2 éischt Trimesteren vun 2020. Zesummen geholl bedeit dat fir de Staat bis haut een temporären Ausfall vun ronn 142 Milliounen Euro. Dat waren 2.572 Demanden vun Entreprises an 1.322 Demanden vun Indépendanten.

An der selwechter Idee, konnten d'Entreprises och en Report fir d'Bezuelen vun den Steieren ufroen. Op de 24. Abrëll hate schon 146 Entreprises an 131 Indépendanten dovunner profitéiert, fir ee Montant vun zesummen iwwer 45 Milliounen Euro.

Well den Datum fir d'Steierdeclaratiounen eranzereechen op den 30. Juni verréckelt ginn ass, gesi mer och bei der RTS (retenue sur traitement et salaires) manner Recetten, vu ronn 280 Milliounen Euro par rapport zu der selwechter Period 2019.

Ech wëll hei och vun der Geleeënheet profitéieren, fir d'Employeuren opzeruffen, d'Retenue à la Source, déi se op de Salairen vun hiere Matarbechter machen, och un d'Steierverwaltung weiderzeleeden. Och dat ass Deel vun der nationaler Solidaritéit an dësen Zäiten.

An da wëll ech nach emol drun erënneren, dass d'Regierung een Accord mat allen 3 Nopeschlänner fonnt huet, fir den Teletravail ze fördern.

B. Konkret Beispiller

Nodeems ech elo en Iwwerbléck ginn hunn vun den Mesuren, an fir sech net am Detail vun den Mesuren ze verléieren, wëll ech iech unhand vun dräi konkrete Beispiller illustréieren wéi sech verschidden Mesuren, an virun allem déi direkt Aiden, bei den Betriber erëmspiegelen.

1. Beispill : Indépendant aus dem HORESCA Sector

Ech fänken un mat engem Beispill vun engem Indépendant aus dem HORESCA Secteur, also deem Secteur, deem wéinst dem Etat de crise huet missen quasi komplett zou gemaach ginn.

→ Huelen mir emol d'Beispill vun engem Indépendant mat 5 Employéeën déi all an den Chômage partiel gesat goufen an en gesamt Käschtepunkt pro Mount vun ronn 18.500 Euro ze droen huet (also Salairen vun 12.500 Euro, Loyer a Chargen vu ronn 6000 Euro).

Well den Betrib huet missen zoumaachen, huet den Indépendant an deem Fall den Usproch op eng direkt "net remboursabel" an steierfräi Aide vun 5.000 Euro. Zu där Aide fügen sech jo nach zousätzlech 5.000 Euro bäi, wann een dovunner ausgeet dass den Indépendant seng Aktivitéit nach ëmmer net konnt ugoen (→ rezent Measure vum Ministère des Classes moyennes).

Dann huet en och nach Urecht op eng Prise en Charge vum Staat vun 80% vum Chômage partiel. An dësem Beispill wieren dat 10.000 Euro fir ee Mount.

Ech rappeléieren hei nach eng Kéier gären dass wann d'Leit den Mindestloun bezuelt ginn, den Staat seguer 100% iwwerhëlt.

Wann een elo dës direkt, an nët remboursabel Aiden, zesummenzielt, kënnt een op en Montant vun **20.000 Euro** fir dësen fiktiven Betrib aus dem HORECA Secteur.

Wann mär dat selwecht Beispill vun engem HORECA Betrieb aus den Nopeschlänner huelen – an vu dass dës direkt Aiden vum Prinzip ähnlech an dofir vergläichbar sinn – dann giff dësen Betrib op 15.000 Euro kommen an Frankräich, 13.750 Euro an der Belsch an 16.500 Euro an Däitschland. Hei ass den Ënnerscheed an den Salairen an den respektiven Länner schonn en compte geholl ginn an et ass och ëmmer den Maximum geholl ginn deem d'Entreprise kann kréien (Contrairement zu Lëtzebuerg, zum Beispill, ass d'aide directe fir kleng Entreprises an Frankräich nët en fixen Montant mee et handelt sech em eng plafonéiert Aide).

Nieft den Prête déi Entreprises kënnen ufroen iwwert hir Bank, an déi vum Staat garantéiert ginn, wéi dat och an eisen Nopeschlänner den Fall ass, kënnt zu Lëtzebuerg nach eng zousätzlech “remboursabel” Avance vun 50% op den Käschen vun der Masse salariale an de Loyer (+Charges) zesummegerechent, dobäi. Dës Avance kritt een fir 2 Méint, dh op d'Période vum 15/3/20 bis 15/5/20. An dësem Beispill wieren dat ronn 18.600 Euro déi de Staat dem Indépendant nach géif zousätzlech léinen.

Wann een elo all dës Aides directes an mengem Beispill zesummen hellt, dann kënnt een op en Montant vun 38.600 Euro.

Nieft dem garantiéierten Prêt bis zu 25% vum Chiffre d'affaires, als Complément zu dësen Hëllefen kann den Indépendant awer nach zousätzlech Moratoires vun 6 Méint fir säin Loyer an Leasing ufroen.

Wat d'Steieren dann nach ugeet, do kënnen d'Firmaen, wéi scho virdrun erwänt, eng Annulatioun vun hiren Avancen ufroen fir déi 2 éischt Trimesteren vun 2020, esou wéi och en Report fir d'Bezuelen vun den Steieren.

2. Beispill : Eng Firma aus dem Industrie Secteur

Als zweeten Beispill, wëll ech deen ginn vun enger grousser Firma aus dem Industrie Secteur.

➔ Huelen mir d'Beispill vun enger Firma mat 500 Employéeeën wou 50% an den Chômage partiel gesat goufen an en gesamt Käschtepunkt pro Mount vun ronn 2.720.500 Euro ze droen huet (also Salairen vun 2.500.000 Euro, Loyer + Chargen vun 220.500 Euro)

Och wann dës Firma duerch hir Gréisst keen Urecht op déi direkt Aiden huet déi jo fir kleng Entreprises geduecht sinn, huet se d'office den Urecht op eng Prise en Charge vum Staat vun 80% vum Chômage partiel. An dësem Beispill wieren dat **1.000.000** Euro fir ee Mount.

Och hei steet Lëtzebuerg ganz gutt am Verglach mat den Nopeschlänner. Déi selwescht Firma giff an Frankräich op 612.500 Euro Chômage partiel kommen, op 612.500 Euro an der Belsch an op 615.000 Euro an Däitschland.

An dann kënnt zu Lëtzebuerg nach eng zousätzlech “rembousabel” Avance vun 50%, op den Käschen vun der Masse salariale an de Loyer (+Chargen) zesummegerechent, dozou. Dës Avance, déi een jo fir 2 Méint kritt (dh op d’Période vum 15/3/20 bis 15/5/20) ass awer ob maximal 500.000 Euro plafonéiert an deckt maximal 10.000 Euro fir d’Loyeren (+Chargen). An dësem Beispill kéint d’Firma dann 500.000 Euro vum Staat dobai geléint kréien.

Wann een elo all dës Aiden an mengem Beispill zesummen hellt, dann kënnt een op en Montant vun 1.500.000 Euro.

3. Beispill : Eng Firma aus dem Commerce Secteur

Als drëtten a leschten Beispill, wëll ech deen ginn vun enger klenger Firma aus dem Commerce Secteur, déi awer seng Aktivitéit konnt während der Krise weiderféieren, mee wou den Chiffre d’Affaires awer iwwer -50% agebrach ass, op d’Période 15/04/2020 bis 15/05/2020.

➔ Huelen mir also e Beispill vun enger Firma mat 10 Employéeën wou 75% an den Chômage partiel gesat goufen an en gesamt Käschenpunkt pro Mount vun ronn 60.000 Euro ze droen huet (also Salären vun 40.000 Euro, Loyer + Chargen vu ronn 20.000 Euro)

Och wann dës Firma nach weider kann aktiv sinn, huet si den Urecht op eng *Prise en Charge* vum Staat vun 80% vum *Chômage partiel*. An dësem Beispill wieren dat fir déi 75% vun den *Employéen* déi am *Chômage partiel* gesat goufen, 24.000 Euro fir ee Mount.

Vu datt der Firma hiren *Chiffre d’Affaires* agebrach ass, huet si en Urecht ob déi rezent *Mesure* vum *Ministère des Classes moyennes*, dat heescht eng Hëllef vun 12.500 Euro non-remboursabel, direkt an steierfräi.

Dat wieren also direkt an nët remboursabel Aiden an Héicht vun **36.500 Euro**.

Och hei, an op base vun engem ugepasstenem Duerschnëttssalaire an den respektiven Länner, giff dës Firma an Frankräich op 21.125 Euro kommen, an der Belsch op 20.750 Euro an an Däitschland op 46.650 Euro (an Däitschland geet et eng zousätzlech Aide vun den Länner fir Entreprises – an deem hei Beispill wäeren dat maximal 15.000 fir eng *Entreprise* tëscht 10 an 25 *Salariéen* am Saarland).

Dozou kënnt och erëm zu Lëtzebuerg eng zousätzlech “remboursabel” *Avance* vun 50% op den Käschen vun der *Masse salariale* an de *Loyer* (+Chargen) zesummegerechent. Dës *Avance* kritt een jo fir 2 Méint, dh op d’*Période* vum 15/3/20 bis 15/5/20. D’*Loyeren* (+ *Chargen*) ginn an deem Kontext bis zu 10.000 Euro iwwerholl. An dësem Beispill wieren dat ronn 50.000 Euro déi de Staat der Firma nach géing zousätzlech léinen.

Wann een elo all dës Aiden an mengem Beispill zesammen hellt, dann kënnt een op en Montant vun 86.500 Euro.

Dir gesitt also unhand vun deene Beispiller, dass d'Regierung signifikativ Mesuren geholl huet fir den Entreprises sou gutt wei et geet ënnert d'Aerm ze gräifen, an dass déi och am Verglach mat aneren Länner generéis sinn.

De Staat hëlleft hinnen déi essentiell Käschten ze decken: also d'Salaren, d'Loyeren. Well Kreditter awer och oft eng zousätzlech finanziell Laascht ausmaachen, kënnen d'Betribler och do, fir de Remboursement vum Kapital, 6 Méint Moratoiren froen.

C. Verglach mat den anere Länner

Wann een ons Mesuren mat deenen vun onsen Nopeschlänner vergläicht, déi jo och Noutmassnahmen geholl hunn, dann stellt een fest dass sech ons Mesuren global gesinn an de selwechten Linnen aschreiwen an zum Deel och seguer e Schrëtt weider ginn. Dat ass zum Beispill den Fall beim Chômage partiel wou d'Enveloppe 1,7% vum PIB zu Lëtzebuerg ausmécht, géigeniwwer 1% vum PIB am Frankräich.

Et muss een awer och verstänneg sinn wann een Lëtzebuerg an deem Kontext mam Ausland vergläicht. D'Struktur vun eiser Wirtschaft ass eng aner.

Lëtzebuerg huet ganz wéineg grouss Entreprises, wéi Däitschland zum Beispill mat senger Autosindustrie, oder Frankräich mat groussen Industriebetribler wéi Airbus. D'lëtzebuerger Wirtschaft ass charakteriséiert duerch eng Panoplie vu ville méi kleng Betribler, déi staark ënnert der Kris leiden, an enger relativ grousser Finanzplaz, déi net sou staark impaktéiert ass.

Dat erkläert wisou een also den Lëtzebuenger Stabilisatiounspak net kann, Measure pro Measure, mat deem aus dem Ausland vergläichen. D'Mesuren muss een am Ensembel kucken.

Wann een dat fir Lëtzebuerg dann och mëscht, dann stellt een fest dass den Pak deem d'Regierung proposéiert, den Betriber hei zu Lëtzebuerg significativ ënnert d'Äerm gräift.

D'Gesamtenveloppe vun 10,4 Milliarden Euro déi mir dem "Programme de stabilisation de l'économie" zougewisen hunn, entsprécht 17,5% vun onsem PIB.

Et ass keng Course, mee Lëtzebuerg brauch sech net ze verstoppen. A Frankräich läit den Effort bei 19% vum PIB, an der Belge bei 13,5% an an Däitschland bei 36,9%.

Wann een lo awer just déi direkt Hëllef an d'Reporten hält (also d'Enveloppe ouni d'Garantien), dann ass Lëtzebuerg dat Land, wat am meeschte mécht.

Lëtzebuerg gehéiert also zu deenen Länner déi, proportional mam PIB gekuckt, am meeschten direkt Ausgaben am Kontext vun der Krise virgesinn hunn.

Dat ass ee Fait, op deem mir houfreg kënnen sinn, an deem och nëmmen méiglech ass well d'Regierungen Bettel 1 an Bettel 2 gutt gewirtschaft hunn an mat sanéierten Staatsfinanzen an dës Krise eragaang ass.

Mir setzen dë Stabiliséierungspak konkret em, a wäerte weider Mesuren huelen, fir d'Vertauen vun de Betreiber an de Leit rem ze stäerken, an d'Relance vun der Economie ze sécheren.

III. D'Zuelen vum PSC 2020

Wéi spigelt sech dat dann au Niveau vun der Situatioun vun der Administration publique erëm, déi sech jo vun der Administration centrale, der Sécurité Sociale an den Gemengen zesummesetzt?

Ënnert den aktuellen Ëmstänn ass et alles anescht wéi evident, exakt Chiffren auszeschaffen a mat der läschter Previsioun all Detail kennen ze verschaffen.

Ech soen trotzdem alle Verwaltungen e grouse Merci fir hir Contributioun an dëse schwierigen Zäiten, fir d'Zuelen fir dëse PSC auszeschaffen, déi ech iech elo ka presentéieren.

Erlaabt mer trotzdem nach eng generell Remarque: zënter dass ech Finanzminister sinn, hu mer et ëmmer nees fäerdeg bruecht entweder eng Punktlandung bei de Prévisiounen z'erreechen oder besser Zuelen op den Dësch ze leeën.

Mir sinn als Land ëmmer gutt mat där virsiichteger Approche gefuer, déi vun allen internationalen Institutioun gelueft an unerkannt gëtt an zu onser exzellenter Reputatioun bäigedroen huet.

Och elo, trotz – oder besser gesot - wéint allen Onsécherheeten, halen mir méi wéi je un dëser Approche fest.

Et gëtt näischt schéi gemoolt, d'Recetten ginn net kënschtlech héich gehal an d'Dépensen ginn net erofgeschrauft. Mir baséieren eis, wéi ëmmer, op dem STATEC seng Prognosen, wat déi wirtschaftlech Entwécklung ugeet.

Ënnert dëm Stréch kommen folgend Constaten eraus :

1. Administration centrale

Jidderee versteet intuitiv, dass d'Recetten dëst Joer wäerten erofgoen par rapport zu 2019, an d'Dépenses dogéint erop.

Dat Falschst, wat een an esou enger Situatioun awer maache kéint, wär, elo mat den Investissementer erofzefueren.

Au contraire : de Wee aus der Krise eraus, de Wee an eng méi nohalteg a resilient Economie, de Wee an ee méi krisefest Lëtzebuerg féiert nëmmen iwwer méi Investissementer.

Déi ginn dofir och 2020 an 2021 weider erop, leien bei 2,8 respektiv 3 Milliarden Euro, oder anescht ausgedréckt bei 4,8 respektiv 4,7% vum PIB, also nach iwwert dem Niveau vun 2019.

Ënnert dem Stréch bleift an der Administration centrale, 2020 awer een historeschen Defizit vun -4,9 Milliarden Euro, oder -8,3% vum PIB, deen sech awer schonn 2021 rëm méi wéi halbéiert, op dann -2,1 Milliarden Euro oder 3,3% vum PIB.

2. Sécurité Sociale

D'Sécurité sociale leid besonnesch ënnert der aktueller Situatioun an déi negativ Entwécklung um Aarbechtsmaart. 2019 huet si nach een Iwwerschoss vun 1,1 Milliarden EUR oder 1,8% vum PIB geschriwwen. 2020 wäerten dat nach just 281 Milliounen oder 0,5% vum PIB sinn.

Déi gutt Noriicht ass also, trotz allem, dass eise Sozialsystem zolitt ass, a weider een Surplus ausweist. 2021 geet deem dann op 342 Milliounen Euro oder 0,5% vum PIB rëm weider erop.

3. Administration locale

Well d'Recetten vum Staat jo erofginn, ginn, mechanesch, och déi vun den Gemengen erof, well déi jo direkt mat der Gewerbesteier, der TVA an anere Steieren zesammenhänken.

D'Gemengen ginn vun dëser Krise also leider net verschount. 2019 konnten si nach een Iwwerschoss vun bal 250 Milliounen Euro oder 0,4% vum PIB verzechnen. Fir 2020 ass am PSC dogéint een Defizit vun -372 Milliounen Euro oder -0,6% vum PIB virgesinn; deem awer 2021 schonn op -150 Milliounen oder -0,2% vum PIB erofgeet.

4. Administration publique

Op Basis vun där Entwécklung, déi ech virdru beschriwwen hunn, rechne mer 2020 bei d'Administration centrale, d'Sécurité Sociale an de Gemengen zesummegeholl, mat Recetten vun 26 Milliarden Euro, an Dépenses vun 31 Milliarden Euro. Dat entsprécht also engem historeschen Defizit vun 5 Milliarden Euro oder -8,5% vum PIB. Dat ass ee riisege Ennerscheed par rapport zu den 800 Milliounen Iwwerschoss, déi fir dest Joer virgesi waren.

2021 sollt d'Situatioun sech nees zolitt verbesseren, alleng schonn well de Käschtépunkt vun de Krise-Mesuren bis dohinner nees ewegfällt. Mir rechnen fir d'nächst Joer trotzdem, à politiques inchangées, nach mat engem Defizit vun -1,96 Milliarden Euro oder -3% vum PIB.

5. Dette publique

D'Staatsschold louch Enn 2019 bei 14 Milliarden Euro oder 22,1% vum PIB.

Ech rappeléieren hei nach eng Kéier dass zjoert am November e Préfinanzement vun 1,7 Milliarden Euro gemaach gouf, fir den Emprunt vun 2 Milliarden, deem elo am Mee fälleg gött, mat negativen Zësen kënnen ze refinanzéieren. Wann een des Operatioun erausrechent, steet d'Staatsschold Enn 2019 bei ronn 12 Milliarden, oder 19,4% vum PIB.

Opgrond vun de Budgetsprévisiounen, déi sech an dësem PSC eremspigelen, kéime mer 2020, réng mechanesch, op eng Schold vu 17 Milliarden Euro oder 28,7% vum PIB.

Ëmmerhin gouf mam Garantiegesetz eng Autorisatioun bis 3 Milliarden Euro accordéiert, an d'Budgetgesetz fir 2020 hat souwisou schonn virgesinn, dëst Joer een Emprunt vun enger Milliard de maachen.

Duerch säin AAA ka Lëtzebuerg sech gënschteg op de Mäert refinanzéieren. Dat ass berouegend an dësen onsécheren Zäiten. Gläichzäiteg ass et awer keng Selbstverständlechkeet, a mir musse kucken, d'Situatioun net aus dem Rudder lafen ze loossen, fir dass dat och an Zukunft sou bleift.

Grad a sou enger schwéierer Zäit ass et och wichteg, net den Optimismus ze verléieren. Lëtzebuerg geet mat gesonde Staatsfinanzen an engem AAA an dës Krise eran. Mir profitéieren haut vun deem Spillraum, dee mer eis iwwer déi läscht Joren erschafft hunn.

Erënnere mer eis drun, dass d'Administration centrale 2018 fir d'éischte Kéier zënter 10 Joer mat engem zolitten Iwwerschoss ofgeschloss hunn. 2019 hunn mer an der Administration centrale eng knapp schwaarz Null geschriwwen, an d'Administration publique hat een Iwwerschoss vu ronn 1,4 Milliarden Euro.

Kee vun eis weess, wéivill Joer et brauch, bis mer rëm un dës Zuelen uknäppe kënnen. No der leschter Kris huet et bal 10 Joer gebraucht. Mä mir hunn aus där Krise geléiert. Heiheem, an och an Europa. Dës Kéier goufen direkt konsequent Measure geholl, souwuel fir d'Kränkt selwer, wéi och hir Symptomer an de Grëff ze kréien.

D'Suen, déi mer haut investéieren, fir den Entreprises an den Indépendanten duerch d'Kris ze hëllefen, si gutt investéiert Suen. D'Suen, déi mer ausginn, fir dass d'Leit an der Arbecht bleiwen an net an de Chômage falen, kommen der ganzer Gesellschaft ze gutt. D'Suen déi an eisem Gesondheetssystem investéiert ginn, profitéieren eis alleguer.

Ee Salarié, deen am Moment Chômage partiel kritt, kann seng voll Pei eremkréien.

Eng Entreprise, déi elo temporär Schwiereregkeeten huet, kann ee gudde Chiffre d'affaires eremkréien.

Mä ee Mensch, dee sai Liewe verluer guet, kann dat net méi eremkréien.

Lëtzebuerg huet dofir séier a richtig reagéiert par rapport zur Pandémie, well de Mensch an d'Gesondheet gi vir.